N° 3886
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3886 du 8 avril 2026 de l'honorable Député Mars DI BARTOLOMEO concernant « Lutte contre le travail clandestin au Luxembourg ».

Fro 1: Wéi sinn d'Kontrollmechanismen zu Lëtzebuerg am Beräich vun der Schwaarzaarbecht organiséiert?

Den Terme Schwaarzaarbecht en tant que tel a wei en am Volleksmond benotzt gëtt kennt net am Aarbechtsgesetzbuch vir. Den Artikel L. 571-1 vum Aarbechtsgesetzbuch definéiert den „Travail clandestin" follgender Moosen:

1) D'Ausübung op selbstänneger Basis vun enger vun de berufflechen Aktivitéiten déi am Artikel 1 vum Gesetz vum 2. September 2011 betreffend dem Accès op d'Beruffer vum Artisanat, dem Handel, der Industrie souwéi verschidde liberal Beruffer opgezielt ginn, ouni déi dozou neidesch Autorisatioun ze hunn;
2) D'Ausübung vun enger Aarbecht, wann déi Persoun déi se ausféiert:
   a) weess, datt den Employeur net iwwer déi an dem hei ugeschwate Gesetz vum 2. September 2011 virgesinnen Autorisatioun verfüügt; oder
   b) weess, datt hir Situatioun als Salarié net konform ass mat der Gesetzgebung iwwert d'Lounretentiounen oder mat der Gesetzgebung betreffend der Sozialversécherung.

Den Artikel 39 vum hei ugeschwate Gesetz vum 2. September 2011 gesäit vir dass d'Police Grand-Ducale an d'Administration des Douanes et Accises domadder beoptrag sinn, Infraktiounen an dëser Matière ze constatéieren. D'Inspection du travail et des mines (ITM) huet keng Kompetenz an dëser Matière.

Wann d'Agente vun der ITM feststellen dass eng Persoun eng Aktivitéit ouni déi neidesch Autorisatioun duerchféiert informéiere dës d'Administration des Douanes et Accises doriwwer.

D'ITM kéint deemno just e Procès-verbal un de Parquet adresséiere wann etabléiert kéint ginn dass eng Persoun eng Aarbecht duerchgefouert huet an ënnert den Punkt 2) a) oder b) heidriwwer fält.

D'ITM, d'Administration des douanes et Accises an d'Police Grand-Ducale collaboréiere reegelméisseg vir gemeinsam Kontrollen an deem déi jeeweileg Administratioun d'Matière kontrolléiert déi ënner hier Kompetenze fält.

Fro 2: Wéi gesäit déi aktuell Situatioun zu Lëtzebuerg aus, wat d'Schwaarzaarbecht ugeet? Wéi vill Kontrollen a wéi vill Verstéiss goufen an de leschte Joren festgestallt?

D'ITM huet bis elo keen Procès-verbal un de Parquet adresséiert well nie konnt etabléiert ginn dass eng Persoun eng Aarbecht duerchgefouert huet an ënnert den Punkt 2) a) oder b) vun der Fro 1 géif faalen.

D'ITM huet awer all d'Fäll erfaasst, bei deenen Onreegelméissegkeete betreffend d'Beschäftegung vun engem Salarié am Kader vu spontane Kontrolle festgestallt goufen. Dës Onreegelméissegkeeten definéieren sech doduerch, datt bei enger spontaner Kontroll keen Aarbechtskontrakt fir e bestëmmte Salarié virgeluecht konnt ginn an/oder datt dee betraffene Salarié net beim Centre Commun de la Securité sociale affiliéiert war.

D'Regularis éierung vun dëse Fäll ass duerch d'Virleeën vun engem Aarbechtskontrakt, an duerch d'Affiliatioun vun dëse Salariéë beim Centre Commun de la Securité sociale geschitt.

| Joer | Unzuel vu spontane Kontrollen | Unzuel vu Kontrolle bei deenen Onreegel-méissegkeete konnte festgestallt ginn | Unzuel vu betraffen en Salariéen | Regularisatiounen | Amenden | Montant |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 2023 | 581 | 182 | 334 | 105 | 74 | 342.000€ |
| 2024 | 591 | 171 | 321 | 114 | 102 | 430.750€ |
| 2025 | 369 | 119 | 213 | 92 | 38 | 127.000€ |
| 2026 - 30.04.2026 | 72 | 36 | 63 | en cours | en cours | en cours |

Fro 3: A wéi enge Secteuren oder Beräicher goufen an de leschte Joren am meeschte Verstéiss registréiert, wat Schwaarzaarbecht ugeet?

| Unzuel vun betraffenen Salarié pro Secteur | | |
|---|---|---|
| 2023 | Fräizäitaktivitéiten | 25 |
| | Landwirtschaft | 7 |
| | Handel | 21 |
| | Bau | 36 |
| | Auslännesch Societéite (hors détachement) | 3 |
| | Horeca | 215 |
| | Immobilien | 1 |
| | Industrie | 5 |
| | Servicer a Botzsecteur | 14 |
| | Interimsgesellschaften | 4 |
| | Transport | 3 |
| | TOTAL | 334 |

| | | |
|---|---|---|
| 2024 | Comptabilitésaktivitéiten | 4 |
| | Fräizäitaktivitéiten | 23 |
| | Landwirtschaft | 6 |
| | Handel | 12 |
| | Communication | 1 |
| | Bau | 25 |
| | Auslännesch Societéite (hors Détachement) | 2 |
| | Horeca | 227 |
| | Immobilien | 1 |
| | Industrie | 3 |
| | Servicer a Botzsecteur | 1 |
| | Transport | 16 |
| | TOTAL | 321 |
| 2025 | Comptabilitésaktivitéiten | 8 |
| | Privatstéit | 1 |
| | Fräizäitaktivitéiten | 9 |
| | Handel | 13 |
| | Bau | 28 |
| | Auslännesch Societéite (hors Détachement) | 5 |
| | Finances | 1 |
| | Horeca | 132 |
| | Immobilien | 5 |
| | Industrie | 1 |
| | Servicer a Botzsecteur | 4 |
| | Interimsgesellschaften | 3 |
| | Transport | 3 |
| | TOTAL | 213 |
| 2026 | Comptabilitésaktivitéiten | 2 |
| | Fräizäitaktivitéiten | 2 |
| | Commerce | 10 |
| | Bau | 4 |
| | Auslännesch Societéite (hors Détachement) | 4 |
| | Horeca | 37 |
| | Servicer a Botzsecteur | 4 |
| | TOTAL | 63 |

Fro 4: Wéi eng präventiv Initiativen oder Moossname ginn et a Lëtzebuerg, fir Schwaarzaarbecht ze verhënneren?

D'ITM, d'Administration des douanes et accises an d'Police Grand-Ducale collaboréiere reegelméisseg vir gemeinsam Kontrollen an deem déi jeeweileg Administratioun d'Matière kontrolléiert déi ënner hier Kompetenze fält.

Dës Kontrolle gi verstäerkt an de Secteure gemaach déi ënnert der Fro 3 opgezielt ginn.

Fro 5: Wéi eng administrativ oder penal Sanktioune sinn am Fall vun esou engem Verstouss virgesinn, a wéi dacks goufen dës an der Praxis applizéiert?

Fir dës Fro gëtt op d'Äntwerten op d'Froen 2 an 3 verwisen.

Luxembourg, le 8 mai 2026

(s.) Marc SPAUTZ
Ministre du Travail